Fir den Eeschtfall haten d'Jonge bei Jaegesch och nach e Bunker am Hee. Zweemol haten si Geleënheet, den Eeschtfall auszeprobéieren.

D'Gestapo wor am hellen Dag opgekräizt, si hun nët no Jonge gefrot, et hätt een hinne „geflüstert", am Haus Jaeger wär „schwarz" geschluecht gin.

Datt et schwaarz dobausse wor wéi de Béischt an der Scheier de Gääscht opgin huet, dat huet schons gestëmmt, awer vum Fleesch wor scho laang näischt méi do, wëll et wor alles scho laang „verschafft". An dësem Fall woren d'Preise laang ze spéit kom.

Eng Persoun aus dem Haus Jaeger hun d'Preisen awer ni bei hirer Visite ugetraff. Esou bal wéi preisesch Stiwelen am Gank ze héiere woren, huet d'Bomi de „Courez-vite" kritt an as eréischt vum „Haischen" erofkom, wann d'Preisen de Réck gedréit haten.

„Et wor och gutt esou", sot d'Madame Jaeger, da konnten d'Preisen si och nët ausfroen".

Ech géng awer och nach gär op eng Fro äntweren, déi sech dër bestëmmt vill vun Iech gestallt hun. Ech wor selwer virwëtzeg fir gewuer ze gin, wéi déi dräi Jonge bei der Famill Jhang Staudt-Simon an hire Bunker am Hee erakom sin.




Zwee Leit, déi der Hemecht trei gedéngt hun

Wann si „d'Entrée" vum Bunker vun uewen erof gehat hätten, wéi dat bal iwwerall de Fall wor, wären si vun de Preise bestëmmt fond gin.

Den Ugène Weynand vun Ettelbréck wor ee vun denen dräi „Bunkerinsassen" denen déi preisesch Kugelen nëmmen esou laanscht de Kapp gesaust sin. Hien huet mär verroden, datt si an der Toilette e falsche Plafong gemaach haten a vun ënnen an de Bunker eropgeklomme sin. Et wor eng gutt Iddi, déi hinne bestëmmt vill Béises erspuert hat.

Awer deen, deen d'Situatioun deemools am Haus Staudt wiirklech gerett hat, wor de Camille Schauls.

D'Jonge vun deemools verdanken him hiirt Liewen.

Ech verdanken dem Camille och vill, well ouni séng Ënnerlagen a séng Hëllef hätt ech nët vill iwer Viichten schreiwe kënnen. Dobäi wor ech och nach richteg frou, zu deër Geleënheet e Mënsch kenne geléiert ze hun, deen am Krich der Hemecht trei gedéngt huet.

Dat wär normalerweis bal alles, wat ech bei méngem Besuch zu Viichten iwer schwéier Zäiten erfuer hun.

Nodreeglech hun ech awer nach weider Renseignementer krit, déi ech onbedéngt mat an déi „Viichtener Saach" mat afliechte muss.

Wéi deemools am Joër 1942 de Gauleiter „d'Wehrpflicht" proklaméiert hat, hun d'Leit, déi Jongen an deem Alter haten, sech kee Rot gewosst.

## Am Gebiet bei der Grott

Et gouwen an der Vergaangenheet scho Situatiounen, wou d'Lëtzebuerger sech an hirer grousser Nout un d'Himmelsmamm geriicht hun.

Et wor wéi wann en Driff déi Viichtener Leit op d'Héicht géint Méchelbuch un der Ettelbrécker Strooss bei d'Grott géng zéien.

Aus e puer sin ët der ëmmer méi gin, déi owes no der Feldaarbecht bei d'Grott biede gaang sin. Hei hun si erëm Kraaft am Gebiet fond, an si haten domat bestëmmt näischt verbrach.

Kee vun hinnen huet gewosst, datt laut Verordnung vum 6. 4. 1941 an duerch e Schreiwen Nr 1286/41 vum 6. Juni 1941 „durch das Einsatzkommando der Sicherheitspolizei an alle Bürgermeister und Ortsgruppenleiter . . . alle Bittgänge und Wallfahrten verbuede wore gin.

Den Ortsgruppenleiter vu Viichten huet déi „Ansammlung zu öffentlichen Betereien" als Protest géint d'Wehrmacht ugesin an owes as hie bei der Grott opgekräizt, allerdéngs nët fir hëllefen ze bieden.

Hien huet d'Leit heem gejot a mat Strofe gedreet, wann dat nach eemol virkéim.

Nach an der selwechter Nuecht huet hien sech op d'Sich nom „Anstifter" vun deër ganzer „Biederei" gemaacht.

Géint Hallefnuecht huet hien un d'Dir vum Schauls Camille geklappt, deen him op der Dot huet musse beweisen, wou hien de ganzen Nomëtteg an owes sollt gewiescht sin.

Wéi de Camille sech awer konnt ausweisen, wor den Här am bronge Kostüm mat der „Wandmillen" um Arem an d'Roserei kom an huet de Camille fir den aneren Dag op Groussbus an de Büro bestallt. De Camille huet deen aneren Dag de Velo geholl an as dohi gefuer.

Et wor wéi en Donnerwieder dat iwer him lassgerach as. Si hun him säi ganze Sënneregëschter erofgelies. Bis elo a kenger Versammlung, gréisst nët mat „Heil Hitler", wor nët an d'Kartei an huet musse mat Zwank virgefoert gin, huet beim Streik keng Mëllech ofgeliwwert, an esou weider.

Dem Camille bléif elo keng aner Méiglechkeet méi wéi sech fräiwëlleg an d'S.A. ze mellen.

Esou séier schéissen d'Preisen awer nët, duecht de Camille, a wéi hien och emol zu Wuert kom as, hat hie fir alles eng Ausried an hien as och nët an d'S.A. gaangen.

Vun elo u stung de Camille ganz uewen op der schwaarzer Lëscht an hien huet musse ganz virsiichteg sin.

Aus deër Ursaach konnt de Camille och keng Jongen a säin Haus huelen. Hie wollt an deër Aktioun onbedéngt eppes Guddes machen an huet och hei en Auswee fond.

Säin Doléiner Léon Olinger wor mat sénger Haushälterin Ketty Flammang vun elo un nët méi eleng an deem klengen Haus an der Useldéngerstrooss. Et wore bei hinne vestoppt : WILMES Jos., MERRES Jos., FELTZ René, SCHOLTES Edouard a Jhäng GREISCH. Wann der esou vill dernieft hir Féiss ënner den Dësch strecken, muss ganz vill bäigesteiert gin, wat awer erëm nët un d'grouss Klack huet duerfe gehaange gin.

De Camille wor den „Hoflieferant" an de Ravitaillement wor geséchert. Wëll de Léo jo bei him am Doloun geschafft huet, as dat guer nët opgefall.

Wat awer iwer d'Haus vum Léo Olinger nët vergiess duerf gin, wor dat hei. D'Haushälterin Ketty Flammang as am Do bei d'Leit d'Wäsch maache gaang. Haut wou dee klengste Stot eng Wäschmaschin doheem huet, ka kee Mënsch sech déi Schënn an déi Plo méi virstellen, wat dat geheesch huet, d'Wäsch bei aner Leit maache goen. Meeschtens as d'Wäsch mat dem Blëll geklappt, geschwenkt an nach gebléit gin. Wann e Wäschbour am Duerf wor, konnt een déi ganz Wäschprozedur verfollechen.

De Léon OLINGER as als Doléiner vu mueres bis owes bei d'Bauere schaffe gaang, meeschtens wor hien um Haff vum Schauls Camille. D'Jongen am Haus woren eleng an hu kee Feier an den Uewen oder an d'Kachmaschin duerfe maachen, wëll dann de Schaaschtech gedämpt hätt.

De Léo an d'Ketty hate fir d'Sécherheet vun de Jongen am Haus gesuergt. Owes no der schwéierer Arbecht hun si am Geessestall e Bunker an de Buedem gegruewen an ausgebaut. Ee Meter déif haten si de Buedem erausgewullt, ofgestäipt. Duerch eng „Entlüftung" no baussen as frësch Loft an de Bunker kom. Um Bunker selwer haten d'Geessen (Ziegen) hiirt Leër.

Wëll de Léo an d'Ketty keng ege Kanner konnten hun, haten si e klengt Meedchen adoptéiert.

D'Josée Olinger hält och nach haut d'Undenken un zwee gutt Leit, déi allebéid och ganz onopfälleg gutt Patriote woren, an Éiren.

Ob déi, déi méintlang um Dësch vun deem sauerverdéngte Brout matgiess hun, dat alles ze respektéiere woussten ?

An der Rue Neuve op Nr. 1 wunnen nach haut d'Ketty an d'Thekla Simon. Am Krich wor de Kirsche Misch 2 Méint bei hinnen ënner Daach.

De Jos. Simon wor Bréifdréier. Hien hat duerch säi Beruf Verbindung mat all Mënsch am Duerf a wor dofir och esou niewebäi „Geheimnisträger" bis d'Preisen derhanner kom sin. Deen anere Brudder wor an der Arméi. Allebéid woren si bis Krichsenn am K.Z.

Eng kleng Epicerie an der Useldéngerstrooss op Nr 6 huet de gudde Leit Jhang FEYEREISEN-JACOBY gehéiert. Bei hinne wor de Refraktär Emile Schuster 6 Méint „am Kascht". Dër Madame Feyereisen hire Brudder huet dem Emile bant 2 Méint Gesellschaft gehal.

Fir den Noutfall wor och an dësem Haus virgesuergt gin duerch e Bunker am Keller, deen ënner dem Fëllement vum Haus erduerch bis an de Gaart eragereecht huet.

Den Ugène Jacoby, deen am Krich gefall as, wor de Jong vun der Koppel Philippe JACOBY-WEYRICH, déi allen zwee dout sin. Si haten engem anere Jong d'Chance gin ze iwerliewen, deen si e ganzt Joër an hirem Haus verstoppt haten.

Am Haus MORIS wor den Albert Moris ongeféier 3 Méint „verdunkelt", dono wéi säi Brudder Jean-Pierre a Russland gefall wor.

Ech kënnt nach esou villes iwer Viichten an iwer séng Awunner erzielen. Ganz vill vun hinnen sin nët méi do. Hiir Nimm sollen nët eleng op de Grafsteng um Kiirfecht agravéiert sin, hiirt Undenke soll och an den Häerzer vun all denen, déi nach do sin, weiderbestoe bleiwen.

## D'Rundstedtoffensiv zu Viichten

Mat Recht géng elo och nach mucheree froen, wéi hun déi Viichtener dann d'Rundstedtoffensiv iwerstanen.

Et wor eng ganz geféierlech Situatioun zu Viichten, déi esou bal nët vergiess gët vun denen déi deemools derbäi woren.

D'Preisen haten sech drop agestallt, Viichten op kee Fall den Amerikaner ze iwerloossen. Dat wore keng gutt Aussichte fir d'Leit aus Viichten, déi zäitweileg ganz ofgeschnidde woren.

Den 21. Dezember haten d'Amerikaner sech zréckgezun. D'Preisen sin erëm bis op Groussbus kom an zu Nidderviichte wore vill Aschléi un den Haiser. Den 22. Dezember sin iwer Nuecht d'Amerikaner erëm kom an hu wichteg Positioune besat. D'Preisen hun sech nach nët geschloe gin an d'Amerikaner hun op Verstäerkong gewaart.

De 24. Dezember, déi Viichtener hun sech an der Kiirch zesummefond. et wor nëmmen ee Gedanken : Dat Gutt muss dach endlech iwer dat Béist Iwwerhand gewannen.

En däitsche „Spähtrupp" wor bis bei d'Grott kom op déi déi Viichtener esou stolz woren. D'Amerikaner woren op Drot an hun d'Preise gefaangen. En däitsche „Stosstrupp" vu 50 Mann as op eemol hanner den amerikanesche Linnen opgekräizt. Och déi si vun den Amerikaner gefaange geholl gin.

Dat hin an hier huet bis de 6. Januar gedauert, wou d'Amerikaner endlech hir voll Stäerkt asetze konnten.

Viichte wor de Preise lass, an d'Leit hun opgeotemt.